ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Nicaragua, dat een vun den Partnerstaten bei der Entwécklungshëllef ass, ass zënter 2007 den D. Ortega vun der sozialistescher sandinistescher Partei Präsident. An leschter Zäit ginn den Här Präsident an seng autoritär Regierung ëmmer méi staark géint d'Oppositioun fir, déi biergerlech Fräiheeten ginn ageschränkt, déi aner Parteien ginn verfollegt. Virun kuerzem goufen nei Gesetzer agefouert fir d'Oppositioun ze kriminaliséieren an ënnert anerem och d'Kontroll vun auslänneschen Organisatiounen a Geldgeber ze verschäerfen. Wéi an der renomméierter spuenescher Zeitung El Pais ze liese war, kontrolléieren d'Membere vun der Presidentefamill eng Rei Schlësselfunktiounen an der Administratioun, de Medien an an der fir d'Land wichteger Uelegindustrie. Am Joer 2018 koumen no internationale Medieberichter iwwer 300 Persounen bei Protester géint d'Regierung gewaltsam ëm d'Liewen.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi beurteelt d'Regierung den Zoustand vun der Demokratie an vum Rechtsstaat am Nicaragua?
2) An wéi fern kann déi Entwécklung zu engem ëmmer méi autoritären Staat d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an Nicaragua beanträchtegen? Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg géigeniwwer dem aktuellen Regime? Wéi wierkt d'Lëtzebuerger Regierung ob eventuell Entscheedungen säitens der EU an?
3) An den leschten 10 Joer huet Lëtzebuerg iwwer 70 Millioune Euro fir d'Entwécklungshëllef am Nicaragua ausginn. Wéi eng Auswierkungen huet déi aktuell Entwécklung op d'Entwécklungshëllef?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten